LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES

Leitfuedem
fir
Lëtzebuergesch als Friemsprooch
an der Erwuessenebildung

B1.1 B1.2 B1.3

Testversioun 2012

B1

Niveau Seuil / Entréesniveau

Wat ass e B1? [1]

Den Niveau B1 zeechent sech duerch zwou Charakteristiken aus:

1. **D'Fäegkeet e Gespréich a Gaang ze halen an an engem Spektrum vu Situatiounen ausdrécken ze kënnen, wat ee soe wëll**

2. **D'Flexibilitéit och manner gewinnte Situatiounen aus dem Alldag sproochlech bewältegen ze kënnen**

Den Niveau B1 beschreift déi sproochlech Handlungsfäegkeet vun engem Spriecher, deen, wa kloer Standardsprooch benotzt gëtt, d' Haaptpunkten an engem Gespréich verstoe kann, wann et ëm vertraute Saachen aus de Beräicher Aarbecht, Schoul, Fräizäit asw. geet. E kann a villen Emissiounen um Radio oder op der Televisioun d'Haaptinformatiounen iwwert d'Aktualitéit verstoen, wann et ëm Themen aus sengem Beruff oder sengen Interessegebidder geet, a wa relativ lues an däitlech geschwat gëtt.
Am Niveau B1 léiert den Apprenant déi meescht Situatiounen aktiv ze bewältegen, déi een op Reesen am Sproochgebitt bewältege muss. E ka sech einfach a kohärent iwwer vertrauten Themen a perséinlech Interessegebidder äusseren. E kann Erfahrungen an Evenementer matdeelen, Dreem, Hoffnungen an Ziler beschreiwen a seng Projeten a Meenunge kuerz begrënnen oder erklären.
E kann ouni Virbereedung u Gespréicher iwwert Themen deelhuelen, déi him vertraut sinn, déi e perséinlech interesséieren, oder déi sech op Themen aus dem Alldag, Famill, Hobbyen, Aarbecht, Reesen, Aktualitéit asw. bezéien. Op Reesen am Sproochgebitt ass e kapabel op manner gewinnte Situatiounen ze reagéieren[2].

[1] Europarat/Rat für kulturelle Zusammenarbeit: ***Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen:*** lernen, lehren, beurteilen, Niveau A1, A2, B1, B2, C1, C2, 2001 Strassburg, S. 35-53, fräi Iwwersetzung

[2] vgl. Am Niveau A2 kann de Spriecher einfach Routinesituatioune bewältegen .

B1 Léierziler

Déi sproochlech Handlungen, déi den Apprenant an der deeglecher Kommunikatioun um Niveau B1 bewältege kënne muss, stellen d'Basis fir de *Leitfuedem* vum Niveau B1 duer. Zousätzlech zu deene sproochleche Funktioune si méiglech thematesch Zesummenhäng uginn, an deenen déi Sproochakte kënne behandelt ginn.

Doraus ergëtt sech d'Méiglechkeet fir den Enseignant déi betreffend sproochlech Handlungen, déi um Niveau B1 agefouert an trainéiert musse ginn, a verschiddenen thematesche Zesummenhäng ze behandelen oder ze widderhuelen.

Fir en Iwwerbléck iwwer déi sproochlech Handlungen ze behalen, déi den Apprenant zum Enn vum B1 produktiv beherrsche muss, verweise mer op d'Zesummestellung am Ufank vum B1.

All Feedback a Froen un cecr@insl.lu

Sproochlech Handlungen am B1

1. **An der Vergaangenheet erzielen, e Virfall, en Oflaf erzielen**
2. **En Zäitpunkt definéieren**
3. **Säin Ëmfeld virstellen**
4. **Saachen, Persounen, Plaze charakteriséieren**
5. **Eng Tatsaach, e Phenomen beschreiwen**
6. **Iwwer d'Zukunft schwätzen**
   - **Iwwer Pläng a Projete schwätzen**
   - **Iwwer Wënsch a Besoine schwätzen**
7. **Eng Meenung, e Standpunkt ausdrécken**
   - **Zoustëmmen, luewen**
   - **Ofleenen, kritiséieren**
   - **Eng Situatioun, e Problem beschreiwen**
   - **Eng Sécherheet, eng Iwwerzeegung ausdrécken**
   - **Eng Méiglechkeet ausdrécken, Hypothesen ausdrécken**
   - **Zweiwel ausdrécken,**
8. **Argumentéieren**
   - **Säi Standpunkt begrënnen**
   - **E Problem, eng Situatioun beschreiwen**
   - **Conclusiounen zéien,e Léisungsvirschlag maachen**
   - **Widderspriechen, e Géigevirschlag maachen,**
9. **Konditiounen a Konsequenzen ausdrécken**
10. **Ëm Rot froen, Rotschléi ginn,**
11. **Gefiller ausdrécken**

    positiv: Virléiften, Freed ausdrécken, Courage maachen

    negativ: Trauer, Enttäuschung, Roserei, Angscht, Bedaueren, Virworf

    positiv/negativ: Iwwerraschung, Virwëtz, Indifferenz, Matgefill
12. **Instruktiounen, Erklärunge ginn**
13. **Onverständnes ausdrécken, réckfroen**
14. **Iwwer Verbueter, Flichten an Aufgabe schwätzen**
15. **Erzielen, wat eng aner Persoun gesot/geschriwwen huet**
16. **An Artikelen aus dem onmëttelbaren Interessegebitt wichteg Informatioune fannen**
17. **Haaptpunkten an Themen aus Tëlevisiouns- oder Radiossendunge fannen**

Méiglech Themeberäicher am B1

B1.1

Alldag a grouss Momenter
Gesondheet
Pläng a Projeten

B1.2

Leit a Situatiounen
Noriichten aMedien
Wunnen a Liewen

B1.3

Instruktiounen an Erklärungen
Den Inhalt vun den Noriichten II
Berufflech a perséinlech Interessegebidder

B1.1

1. Alldag a grouss Momenter[3]

Sproochlech Handlungen:

An der Vergaangenheet erzielen:
E Virfall, en Oflaf erzielen
En Zäitpunkt definéieren
Vergläichen
Eng Tatsaach, e Phenomen beschreiwen
E Begrëff definéieren, ëmschreiwen[4]

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique[5]

Episoden aus dem Alldag (Erënnerungen, Erfahrungen)
Kleng Mëssgeschécker (verluer, vergiess, verpasst, futti gaang, keng Mënz ...)
Virfäll an Akzidenter an de Schlagzeilen
Fréier an haut
Eng einfach Liewensgeschicht (Kandheet, Schoulzäit, Jugend, Ausbildung)[6]
Grouss Momenter am Liewen (Frëndschaft, 1. Léift, asw.)
Fräizäit, Vakanz,
Fester a Feierdeeg

B Grammaire

Passé Composé
Imparfait
Modalverben an der Vergaangenheet
Niewesätz mat wéi:
wéi ech kleng war, hu mir zu Paräis ...
Temporalprepositiounen .
virun zwou Wochen,
Temporaladverben an Ausdréck fir d'Vergaangenheet :
virdrun, dunn, duerno,

C Textzorten

Erzielung, Artikel, Sendung, Noriichteniwwerbléck/kuerz Noriichten um Radio an um Internet, (Schlagzeilen), kuerz Beiträg op der Tëlee, Biographie, E-Mail, perséinleche Bréif, Tagebuch

[3] Déi eenzel Kapitele si nummeréiert ginn fir eng gréisser Iwwersiichtlechkeet vum *Leitfuedem ze garantéieren.* Wéinst der Prgressioun ass et sënnvoll se an deem Deel vum Niveau (B1.1, B1.2 a B1.3) duerchzehuelen, wat awer net bedeit, dass se chronologesch duerchgeschafft musse ginn.
[4] E Begrëff Paraphraséieren oder Definéieren zitt sech duerch de ganze B1 an déi spéider Niveauen.
[5] D'Thema Partnerschaft aus dem 3. Kapitel ka gutt an dëst Kapitel integréiert ginn.
[6] Hei kënnen och *Pläng a Projete* behandelt ginn.

B1.1

2. Gesondheet

Sproochlech Handlungen:

Eng Tatsaach, e Phenomen erklären
Ëm Rot froen a Rotschléi ginn
Konditiounen a Konsequenzen ausdrécken
Kleng Reportagen op der Tëlee kucken an d'Haaptpunkte verstoen
E kuerzen Artikel aus der geschriwwener Press verstoen
Säi Matgefill ausdrécken
Iwwer Verbueder, Flichten an Aufgaben schwätzen
E Begrëff definéieren, ëmschreiwen

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Anatomie vum mënschleche Kierper
Kierpersprooch
Akzidenter (am Stot, amVerkéier, am Sport, op der Aarbecht)
Verletzungen
Beim Dokter
Symptomer, Krankegeschicht, Medikamenter, Hausmëttel
Gesond Ernährung

B Grammaire

Niewesätz mat *wann*:
Wann ech de Kapp wéi hunn, huelen ech eng Aspirine.
Konjunktioun *dofir* mat Inversioun
(Wh. Modalverben an der Vergangengheet)
Passiv [7]:
Hie gëtt muer operéiert.

C Textzorten

Gespréich, Artikel, kuerz Beiträg um Radio/op der Telee, um Internet, E-Mail, perséinleche Bréif

7 De Passiv brauch hei net explizit behandelt ze ginn, e kann awer als Wendung virkommen.

B1.1

3. Pläng a Projeten

Sproochlech Handlungen:

E Virschlag maachen, eppes proposéieren
Iwwer Projete schwätzen
Iwwer Wënsch schwätzen
E Gespréich ufänken a weiderféieren
Prioritéiten a Bedierfnesser ausdrécken
Eng Meenung ausdrécken
Vergläichen
Zoustëmmen
Widderspriechen

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Organisatioun vun Alldag, Fräizäit, Weekend, Vakanz
Wiederprevisiounen
Geografesch Begréffer: Lëtzebuerg, Géigenden
Fester, Feierdeeg
Interessen, Hobbien
Ausdréck a Wendunge fir z'iwwerzeegen, fir Prioritéiten auszedrécken

B Grammaire

Zukunft ausdrécken (mat Hëllef vun Zäitexpressiounen)
Conditionnel Présent (Wonsch, Hypothes)
Prepositioune mam Dativ an Akkusativ widderhuelen a verdéiwen
Komparativ a Superlativ

C Textzorten

Meteo um Internet, op der Tëlee, Kinosprogramm, Tëleesprogramm, Reesprospekt, Reessäiten um Internet, Artikel, Sendung, Publicitéit op der Tëlee, um Radio, E-Mail, perséinleche Bréif

B1.2

4. Leit a Situatiounen

Sproochlech Handlungen:

Eng Persoun beschreiwen a charakteriséieren
Gefiller ausdrécken
Besoinen ausdrécken
E Problem beschreiwen
Eng Meenung, e Standpunkt ausdrécken[8]:
Eng Sécherheet, eng Iwwerzeegung ausdrécken
Seng Meenung nuancéieren
Eng Méiglechkeet, Hypothesen ausdrécken
Zoustëmmen
Widderspriechen, e Géigevirschlag maachen
Conclusiounen zéien, e Léisungsvirschlag maachen

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Ausgesinn
Charaktereegeschaften
Gefiller a Stëmmungen
Klischeeën
Zesummeliewen (Generatiounen, Geschlechter)
Déieren

B Grammaire

Widderhuelung Adjektivdeklinatioun am Nominativ/Akkusativ
Adjektivdeklinatioun am Dativ
Widderhuelung Modalverben (z.B. däerf net, soll net)
Conditionnel (Hypothesen ausdrécken)
et kéint, ...
Relativsaz
Niewesätz mat *wann*
Niewesätz mat *dass/datt*
Komparativ & Superlativ

C Textzorten

Artikel, Erzielung, Sendung um Radio , op der Tëlee, E-Mail, Bréif, Annonce, literaresch Genren: Lidd, Gedicht, Geschicht, Vermësstemeldung

[8] Seng Meenung Ausdrécken bzw. Zoustëmmen, Widderspriechen zéie sech duerch de ganze B1 a ginn e puer Mol genannt. Et bleift dem Enseignant iwwerlooss, op wéi enge Plazen se an de Programm integréiert ginn.

B1.2

Den *Inhalt vun den Noriichte Verstoen* ass genee wéi *An der Vergaangenheet Erzielen* e Léierzil, dat sech duerch de ganze B1 zitt. Et huet seng Plaz am B1,2 a B1,3 fonnt, well d'Erzielen am Passé (B1,1) Viraussetzung ass fir et anzeüben.

5. Noriichten a Medien

Sproochlech Handlungen:

D'Haaptpunkten aus enger Meldung an der geschriwwener Press verstoen an erzielen [9]
D'Haaptpunkte vun den Noriichten um Radio verstoen an erzielen
D'Haaptinformatioune vun engem kuerzen Reportage op der Telee verstoen an erëmginn
Eng Noriicht notéieren
Eng Noriicht weidererzielen

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Medien an Informatioun
Aktualitéit, Faits Diversen an der Zeitung liesen an drop reagéieren
- Kriminalitéit
- Lëtzebuerg (Land, Leit, Liewen)
- Klima, Ëmweltnoriichten, Naturkatatrophen,
- Sport

Institutiounen am gesellschaftleche Liewen:
- *Gewerkschaft, Streik, Recht, Flicht ...*

Meteo,Wiederprevisiounen[10]

B Grammaire

Verdéiwung Niewesätz mat *well*
Niewesätz mat *dass/datt ...*
Niewesätz mat *ob ...*
Indirekt Ried[11]

C Textzorten

Schlagzeilen, Reportage, kuerzen Artikel, Emissioun, Noriichtesendung, Wiederprevisiounen: um Radio, op der Tëlee, an der geschriwwener Press, Gedicht, E-Mail, Bréif,

[9] Artikelen aus der geschriwwener Press sinn haaptsächlech um Internet ze fannen.
10 Vgl. Kapitel Pläng a Projeten
11 D'indirekt Ried am Conditionnel, déi oft vun de Lëtzebuerger net konsequent duerchgehale gëtt, brauch hei nach net agefouert ze ginn.

B1.2

6. Wunnen a Liewen[12]

Sproochlech Handlungen:

Säin Ëmfeld virstellen
Wënsch a Virstellunge beschreiwen
Prioritéiten ausdrécken
Zweiwel ausdrécken
Eng Meenung, e Standpunkt ausdrécken
Ofleenen, kritiséieren
Zoustëmmen, luewen
Argumentéieren, e Standpunkt begrënnen
Sech beschwéieren
Instruktioune ginn
Eppes erklären

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Wunnen an der Stad, um Land
Haisertypen, eng (Dram)wunneng
Widderhuelung: Haus (Zëmmeren), Miwwelen, Ariichtung
Wunnengssich
Renovéieren
Plënneren
Déieren

B Grammaire

Verdéiwung: - Niewesätz (*dass* , *well)*
- Niewesätz mat *wann* (Conditionnel fir Irreales, fir eng Méiglechkeet auszedrécken):
Wann ech Suen hätt, ...

Relativsätz
WH Adjektivdeklinatioun
Adjektivdeklinatioun am Dativ:
mat enger grousser Terrass
Lokalprepositioune mam: - Akkusativ mat *setzen, stellen, leeën ...*
- Dativ mat *sëtzen, stoen, leien*
Infinitif mat *ze*
Imperatif

C Textzorten

Annonce, E-Mail, perséinleche Bréif, Erzielung, Emissioun op der Tëlee, um Radio, kuerzen Artikel, Reportage, literaresch Genren: Lidd, Gedicht, Geschicht

12 Am Kontext vun der Wunneng kann een och Deeler vum Kapitel Iwwer Verbueder, Flichten an Aufgabe schwätzen integréieren.

B1.3

7. Instruktiounen an Erklärungen

Sproochlech Handlungen:

Eng Tatsaach, e Phenomen beschreiwen
Iwwer Verbueter, Flichten an Aufgabe schwätzen
Konditiounen a Konsequenzen ausdrécken
Onverständnes ausdrécken, réckfroen

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Auto, Verkéiersregelen, Schëlder, Führerschäin
Weebeschreiwung, Traffic-Info (Radio),
Behuelen, Manéieren, gesellschaftlech Konventiounen
Rechter a Flichten[13]
Kulturell Ënnerscheeder
Sport, Fitness, Training
Kachen
Montageuweisungen (IKEA, etc.)

B Grammaire

Imperatif
Conditionnel
Modalverben am Conditionnel
Niewesätz mat *wann*
Indefinitpronomen *een* an onperséinleche Wendungen

C Textzorten

Traffic-Info um Radio, Weebeschreiwung, klenge Reportage oder Emissioun op der Tëlee, um Radio an der Press, Internet, Schëlder, Kachrezepter, Artikel, Liestext

13 vgl.: ähnlech Themen am Kapitel 9

B1.3

8. Den Inhalt vun den Noriichten

Sproochlech Handlungen:

D'Haaptnoriichten um Radio/ op der Tëlee verstoen an op eng einfach Manéier erëmginn[14]
D'Haaptinformatioune vun enger kuerzer Televisiounsemissioun verstoen an erëmginn
D'Haaptausso vun engem Artikel aus der geschriwwener Press liesen, verstoe kënnen an drop reagéieren[15]
E Problem, eng Situatioun beschreiwen
Argumentéieren:
- **Säi Standpunkt begrënnen**
- **Zoustëmmung ausdrécken**
- **Zweiwel ausdrécken**
- **Conclusiounen zéien, e Léisungsvirschlag maachen**

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

International an national Aktualitéit:
- Gesellschaft a Politik, Economie
- Klima, Ëmwelt an Natur, Politik, Wësseschaft, Technologie,....

Aktuell Themen a Kontroversen
Interkulturell Aspekter

B Grammaire

Wh. Niewesätz
Indirekt Ried:
- mat *dass/datt* + Présent
- mat dem Conditionnel

Passiv

C Textzorten

Schlagzeilen, Reportage, Artikel, Emissioun, Noriichtesendung, Wiederprevisiounen: um Radio, op der Tëlee, an der geschriwwener Press, literaresch Genren: Lidd, Gedicht, Geschicht

14 Eng Noriicht Verstoen entsprécht den Ufuerderunge vum Niveau B1. Eng Noriicht Resuméieren ass awer eng sproochlech Handlung vum Niveau B2. Dofir brauchen d'Apprenanten hei um Niveau B1d'Noriichten nëmme rudimentär erëmzeginn, wat hirem Besoin entsprécht, och iwwert d'Noriichten ze schwätzen.

15 Artikelen aus der geschriwwener Press sinn haaptsächlech um Internet ze fannen.

B1.3

9. Berufflecht a perséinlecht Ëmfeld, Interessegebidder

Sproochlech Handlungen:

Säin Ëmfeld, seng berufflech Aktivitéit beschreiwen
Wichteg Informatiounen an Artikele fannen an erëmginn
E Gespréich féieren: Onverständnes ausdrécken, réckfroen
Eng Meenung deelen, enger Persoun widderspriechen
Konditiounen a Konsequenzen ausdrécken

A Auswiel vu Situatiounen, Themen a Lexique

Liewen an der Gesellschaft (Geschlechter, Generatiounen, Multikulturell Gesellschaft ...)
Beruffsliewen, (Bewerbung, Virstellung, Chancegläichheet **)**
E formelle Bréif (eng schréftlech Bewerbung) verstoen a schreiwen
Stress a Stressmanagement op der Aarbecht, Ursaachen a Strategien
Kannererzéiung a Kannerrechter
Kulturell Themen: Kino, Literatur, Molerei, Theater
Sport a Fitness
Awerglaf (Zoufäll, Gléck)
Wellness
Traditiounen Länner a Gebräicher
Ausdréck a Wendunge fir e Gespréich unzefänken a weiderzeféieren

B Grammaire

Verdéiwung vum Conditionnel
Wh. Niewesätz mat *wann*
Indefinitpronomen een fir onperséinlech Wendungen:
et muss een ..
Infinitif mat *ze:*
et mécht mer Spaass ze...
ech hu keng Loscht ze

C Textzorten

Artikel, Reportage op der Tëlee/an der Press, Annonce, CV, Lidd, Gedicht, Geschicht, Mäerchen